



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro
Nr. 4005 vum honorabelen Deputéierte Ricardo Marques**

- 1. Kann den Här Minister confirméieren, datt fir d'Rentrée 2026/2027 d'Aarbechtszäit vu Personal à temps partiel am Enseignement fondamental nei organiséiert gëtt?**

Ech kann déi Informatioun, déi den honorabelen Deputéierten uféiert, net confirméieren. All Joer gëtt am Fréijoer am Kader vun der Virbereedung vun der kommender Rentrée d'Circulaire de printemps spezifesch un d'Gemengenautoritéiten a generell u sämtlech Membere vun der Schoulcommunautéit geriicht, fir se an der Elaboratioun vun der Schoulorganisatioun ze guidéieren an ze ënnerstëtzen. An dëser Circulaire ginn, falls néideg, déi nei Dispositiounen am Zesummenhang mat der Schoulorganisatioun presentéiert. Déi concernéiert Circulaire gesäit keng nei Virgab betreffend d'Organisatioun vun der Aarbechtszäit vun den Agenten, déi Deelzäit schaffen, vir.

- 2. Wéi bewäert den Här Minister aus pedagogescher Siicht eng Organisatioun, bei där zwou Persounen, déi sech eng 50%-Tâche deelen, sech am Laf vum selwechten Dag an enger Precoc-Klass ofléisen? Wéi een Impakt huet en zousätzlechen Wiesselen am Laf vum Dag sech op d'Wuelbefanne vun de Kanner, op d'Gruppendynamik an op d'Kontinuitéit vun der pädagogescher Aarbecht am Précoce auswierken?**

Eng konkreet Bewäertung vun esou enger Situatioun hänkt vu ville verschiddene Facteuren of, an ass ënnert dëser Form net méiglech. Allgemeng gesinn, kann ee soen, datt previsibel a zouverlässe Bezéiunge mat Betreierungspersounen e wichtege Qualitéitsfacteur sinn. Kontinuitéit erliichtert deemno d'Bindung, d'Gruppendynamik an déi pedagogesch Kohärenz. Heefeg oder onglécklech organiséiert Wiesselen kënnen dogéint bei verschiddene Kanner Stress oder Desorientéierung ausléisen. Dat bedeit awer net, datt all Wiessel per se problematesch ass. De Moment vum Wiessel muss wuel gewielt sinn a sech harmonesch an den Dages- respektiv Wochenoflaf aglidden.

- 3. Wéi vill Spillraum behalen d'Schoulen an d'pedagogesch Ekippen, fir eng Organisatioun ze wielen, déi de konkrete Besoine vun de Kanner an der Klass Rechnung dréit?**

Den Artikel 16 vum *Règlement grand-ducal du 23 mars 2009 fixant la tâche des instituteurs de l'enseignement fondamental* gesäit explizitt vir, datt déi pedagogesch Equipe ënnert der Coordinatioun vum Coordinateur de cycle d'Interventiounen vun den eenzelnen Enseignanten an de jeeweilege Klassen esou opdeelen, datt d'Verdeelung de Besoine vun de Kanner am beschte gerecht gëtt.

Lëtzebuerg, de 27. Mee 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH